Komiteesversammlung vum 15. Juli 2006

Wou: Motty

Présent: Martha, Lynn, Lee, David, Ralph, Joël

Absent (entschëllegt): Annick

Themen:

1. Gewënner vum Tipspill
2. Lausanner Bal
3. Nächst Datumer
4. Divers

---

1) Gewënner vum Tipspill

- Den Adrien kritt zu Lëtzebuerg en Trickot
- De Sam kritt e « grousse Fanpackage », de Mich an den Tontel e « klenge Fanpackage »

2) Lausanner Bal

- En ass den 6. Oktober am Atelier
- D'Lynn freet de Krombach erëm fir e Plakat ze man. Wat kënnt drop? Framënsch, Typ oder béides?
- De Joël freet Devisen vun den Drëckereien.
- Martha freet nach eng Kéier am Atelier no ob do definitiv reservéiert ass.
- Fir de Virverkaf get den Choco, de Pitcher an eventuell de Philo gefrot

3) Nächst Datumer

- 4. November 2006: Aweiung.
- 9. an 10. November 2006: Foire de l'étudiant zu Lëtzebuerg
- 24. November 2006: AG zu Prévérenges
- 8. Dezember 2006: Kleeschen am Vaudois. (Dem Kleeschen seng Adress: kleeschen_Klammeraf_aell.lu, resp.: housecker_Klammeraf_aell.lu)
- 2. September 2006: Grillen um Stau
- 16.-18. März 2007: Schiweekend (Alternativ wann de Chalet do net fräi ass: 12.-14. Januar 2007)

3) Divers

- Clubsall: Mir froen am Oktober ob et méiglech ass fir op der EPFL e klenge Raum ze kréien, wou een alles wat dem Club gehéiert kann dra stellen (z.B.: Grill).
- Et gi Mailinglëschte gemaachwou een sech kann aschreiwen (z.B. Laafe goen, Sonndes Fussball)